CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
31 MAI 2019
745

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2019

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Minister fir d'Ekonomie an den Här Minister fir de Mëttelstand weider ze leeden.

An der rezenter Orientéierungsdebatte iwwer d'Reduzéiere vum Plastiksoffall sinn eng Rei interessant Iddien a Virschléi diskutéiert ginn.

Et muss een allerdéngs och feststellen datt verschidden Entreprisen am Land hir Wueren deels exklusiv a Plastiksverpackungen ubidden, wéi z.B. eng grouss Drénkwaasser-Entreprise aus dem Weste vum Grand-Duché.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Deelt d'Regierung d'Meenung datt et sënnvoll wier sougenannt "Incentives" ze schafe fir eis Betriber ze motivéiere vu Plastiksverpackungen op méi ökologesch Alternativen ze wiesselen?
- Wann nee, aus wat fir engem Grond?
- Wa jo, huet d'Regierung scho konkret Iddien?
- Wa scho Plastik benotzt get misst da net kloer d'Klassifikatioun vum Plastik dropstoen?
- Weieng Initiativen sin virgesin, fir och d'Geschäfter derzou ze bewegen ob di eenzel Plastikverpackungen vun Uebst, Geméis a Kaffiskichelcher ze verzichten,an Alternativen unzebidden ?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Françoise Hetto-Gaasch | Paul Galles

Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 31 mai 2019

Objet : Question parlementaire n° 745 du 31.05.2019 de Monsieur le Député Paul Galles et de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch - Réduction des emballages en plastique

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président,

Mars Di Bartolomeo
Vice-Président de la Chambre des Députés